



MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Roberto Traversini) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ass d'Chamber och d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann elo zum nächste Projet iwwer-
goen, dat ass de Projet de loi 6791, eng Ofän-
nerung vum Gesetz iwwert den Austausch vun
Emissiounsquoten. An de Rapporteur, den ho-
norabelen Här Henri Kox, hält sech scho prett.
En huet och direkt d'Wuert. Just lech infor-
méiert, dass och hei d'Riedezäit nom Basis-
modell festgeluecht ass. Här Kox, Dir hutt
d'Wuert.

3. 6791 - Projet de loi modifiant l'article 5quinquies, paragraphe 1^{er}, point b) de la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Henri Kox** (déi gréng), rapporteur.- Jo, Här President, Merci fir d'Wuert. Et ass eng ganz kleng Ännerung am Gesetz vum 23. Dezember 2004, wou et iwwert den Échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre geet. An dësem Artikel geet et ënner anerem och ëm eng Zoudeeling vun Emissiounsquote fir d'Fluchindustrie.

Et huet sech leider bei der Transposition vun der europäescher Direktiv e Feeler ageschlaach, well eng Iwwersetzung iwwersi ginn ass. Dat war d'Direktiv 2008/101 vum 19. November 2008, wou et eben ëm eng Augmentatioun vun enger Quot fir d'Fluchindustrie geet.

Si hu fir eng Period vum Emissiounshandel eng gewësse Quantitéit zegutt. Déi Quantitéit kann ëm 18% zouhuelen an där Period. An et ass awer vergiess ginn, dass dat eng Moyennen-augmentatioun ass. Dat heescht, d'Moyenne huet gefeelt. An domadder gëtt dat e bësse komplizéiert, fir dat ëmzesetzen. Well esou wéi et haut am Text steet, misst pro Joer 18% Augmentatioun sinn. Dat ass awer net de Fall. Hei ass et ëm eng Moyenne iwwert déi Period... Déi al Period vun der Kyoto-Zoudeeling war jo 2008-2012. An déi nei Period ass 2013-2020.

Wéi gesot, dat ass geännert ginn. Dat heescht, d'Wuert ass am Artikel 5quinquies derbäi-komm, soudass mer net méi vun Augmentatioun annuelle supérieure à 18% schwätzen, mä Augmentatioun annuelle moyenne supérieure à 18%. Dat ass a sech d'Ännerung, déi mer hei am Gesetz bäifügen. Et ass eng wichteg, well et d'juristesche Base méi kloer schafft.

Vläicht zu e puer Daten. D'Gesetz selwer gouf den 11. März 2015 déposéiert. D'Avise vum Statsrot vum 3. Abrëll 2015, d'Avise vun der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers: 23. Mars, 28. Abrëll. Alleguerten hu se dësem Accord oder dëser Ännerung natierlech bäigestëmmt. An der Sitzung vum 29. Abrëll gouf ech als Rapporteur vun dësem Gesetz ernannt. A mir hunn och de Gesetzesprojet analyséiert. An an der Kommissioun vum 11.6. gouf dëse Projet unanime ugeholl.

Dat wär et gewiescht zu dësem Gesetzesprojet. An ech géif och gläichzäiteg den Accord vun der grénger Fraktioun bréngen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marcel Oberweis.

Discussion générale

► **M. Marcel Oberweis** (CSV).- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, nodeem den Henri Kox elo grad a sengem schrëftleche Rapport an och mëndleche Rapport alles gesot huet, wat ze soen ass, kann ech och nëmmen d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun bäiflécken.

Ech wollt awer profitéiere vun der Saach, well mer jo elo virun der grousser Konferenz vu COP21 stinn: Et ass vun der Aviatioun hei ge-

schwat ginn. Wann ee bedenkt, dass d'Aviatioun momentan mat 2% zu den Dreifhausgase bäidréit, a wann ee gëschter gelies huet zu Bourget, do schloe sech déi grouss Gesellschafte dann erëm, Fligere ze verkafen, do ass gesot ginn, an den nächsten 20 Joer ginn 23.000 Fligere op de Marché bruecht. Da kann ee sech jo virstellen, wat sech do am Himmel nach alles doe wäert an un neien Dreifhausgasen deet. Mä dat gesot um Rand.

Merci nach eng Kéier, an d'Zoustëmmung vun ons.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Oberweis. Den Här Roger Negri.

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Villmools Merci, Här President. An och e grouse Merci un eise Rapporteur, den Henri Kox. An domadder bréngen ech och den Accord vun eiser LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann als Nächsten huet den Här Max Hahn d'Wuert.

► **M. Max Hahn** (DP).- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech schlësse mech de Wieder vu menge Virriedner un a géif dem Rapporteur, dem Henri Kox, e grouse Merci soe fir säi gudde schrëftlechen awer och mëndleche Rapport. An ech ginn domat dann hei den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Hahn. Den Här Kartheiser, wann ech gelift.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus dem Här Kox e grouse Merci fir dee Rapport, deen en eis elo hei gemaach huet.

Ech wollt just soen, den Här Oberweis huet ganz recht: Et gëtt vill Fliger. An dofir... An och hei am Land hu mer d'Aviatioun als e wichtige ekonomesche Facteur. D'Madame Minister ass elo amgaangen, d'Konferenz zu Paräis virzebereeden. An dofir wär et interessant, vun hir gewuer ze ginn, wéi si mat der Lëtzeburger Ekonomie an notament mat eisen Agenten an der Loffahrt a Kontakt ass, fir ze kucken, fir d'Interesse vun der Lëtzeburger Loffahrt an deene Verhandlungen ze respektéieren, respektiv wat sech soll änneren an deenen Dispositionen aus dem Kyoto-Accord, deen d'Loffahrt betrëfft.

Ech mengen, dat ass wierklech fir eis ganz wichteg, well mir brauchen natierlech eis Loffahrt, notament och am Beräich vun der Logistik. An et ass en Domän, wou ganz vill Kompetitivitéit, ganz vill Konkurrenz existéiert. An dofir ass déi Berechnungsgrundlag vun den Emissiounsquote respektiv wat soss nach kann op déi Quoten ugerechent gi bei de Loffahrt-firmen, inklusiv Buedemvehikelen an esou weider, eng ganz wichteg Diskussioun.

Derbäi kënnt nach, datt China jo dat Land ass, wat am Abléck am meeschten CO₂-Emissiounen verursacht. A China ass, contrairement zu deem Abléck, wou Kyoto vereinbart gouf, elo e Partner an der Lëtzeburger Loffahrtindustrie. An da stellt sech d'Fro natierlech iwwert d'Applikatioun an d'Applikabilitéit vun deem Prinzip vun der „common but differentiated responsibility“ tëschent den entwéckelten an den Entwécklungslänner, souwäit ee China nach kann zu der zweeter Kategorie rechnen.

Dofir ass d'Fro: Soll deen Ënnerscheid an den Ae vun der Lëtzeburger Regierung bestoe bleiwen, well jo och bei der Cargolux eng grouss chinesesch Participatioun elo ass? A wa jo, wéi soll dat dann op d'WTO-Kompatibilitéit vun deem Accord kënnen ugerechent ginn?

Ech mengen, den Europäesche Geriichtshaff hat am Abléck d'Situatioun vu virun dräi Joer als kompatibel mat der Organisation mondiale du commerce deklaréiert. Jee nodeem wat awer am COP21 soll négociéiert ginn, kann dat net méi de Fall sinn. Dofir wär et interessant, fir vun der Lëtzeburger Regierung gewuer ze ginn, wéi se d'Durabilitéit vun där CBDR-Clause do gesäit, also „common but differentiated responsibility“, notament am Beräich vun der Loffahrt.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Villmools Merci och dem Här Kartheiser. Domat wäer mer um Enn... Ah, entschëllegt, Här Wagner!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Kee Problem.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dir waart och net ageschriwwen. Duerfir konnt ech net wëssen, dass Der...

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Et ass mäi Feeler.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Duerfir nach eng Kéier den Appell un déi, déi wëlle schwätzen, sech och wann ech gelift anzedoen. Dir hutt awer d'Wuert, Här Wagner.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci villmools, Här President. Ech soen och dem Här Rapporteur Merci fir säi Bericht. Bon, mir sinn natierlech net géint déi Modifikatioun vun deem Passus. Mir hate jo och am August 2010 dat Gesetz, wou d'Fligerei an den Emissiounshandel mat inklueiert gouf, matgedroen. Allerdéngs sti mer prinzipiell dem Emissiounshandel ganz skeptesch géigeniwwer.

Mir haten natierlech och déi lescht Reform am Joer 2012 net matgedroen. Ech wëll nach zitieren, am Dezember 2012 sot den Här Camille Gira zu deem Gesetz: „Aus engem Instrument, fir de Klima ze schützen, ass eng Geld-dréckmaschinn fir Multinationale ginn.“ En hat vollkomme recht. An aus deem Grond wäerte mir eis enthalten.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo direkt d'Madame Ëmweltministesch.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement*.- Bon, villmools Merci fir d'Éischt emol dem Här Kox fir säi Rapport. An ech mengen, et handelt sech hei ledeglech ëm eng Rektifikatioun, déi mer maachen. Dir hutt ganz recht: D'ETS-Reform, op déi waarde mer. De Kommissär wäert eis do nach virum Summer e Virschlag virleeën, dee mir dann als Présidence direkt wäerten och mat den Ëmweltministere debattéieren. D'Klimakonferenz ass e ganz, ganz wichtige Volet, an d'ETS-Reform schnell unzegoen natierlech och e wichtige Schrëtt, fir ze weisen, dass mer et mam Klima eescht mengen.

Ech proposéieren awer dann och dem Här Kartheiser, dass mer eis iwwert de Volet Klima, Aviatioun an all dat, et ass elo méi e komplex Thema... Ech mengen, dass mer haut den Débat iwwert d'Naturparke sollte seriö féieren. Ech géif lech proposéieren, dass mer dat dann an enger Kommissioun nach eng Kéier separat traitéieren, esou wéi mer eben och d'Ufro hunn, nach eng Kéier separat iwwert d'Présidence ze schwätzen.

Ech soen lech Merci fir Är Ënnerstëtzung.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Ministesch.

A mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6791 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6791 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

(Interruption)

Jo, ech hunn awer 60 Stëmmen.

(Hilarité)

Mir maachen dat an d'Rei. Ech gesinn lech jo och.

(Interruption)

Also, de Projet de loi, ech mengen, do wäert sech näischt drun änneren, ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei 5 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane ADEHM, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haag, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. André Bauler), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Roberto Traversini) et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

4. Nomination d'un commissaire aux comptes de la Société Nationale de Crédit et d'Investissement (SNCI)

Mir géifen dann zum drëtten Punkt vun eise Ordre du jour iwwergoen. Do geet et ëm d'Nominatioun vun engem Kontekommissär fir d'SNCI. Esou wéi den Artikel 17 vum Gesetz vum 2. August 1967 iwwert d'Schafe vun enger Société Nationale de Crédit et d'Investissement an d'Artikelen 140 bis 153 vum Chambersreglement dat virgesinn, stëmme mer also haut doriwwer of. D'Kandidatelëscht ass all Deputéierte verdeelt ginn a läit lech och vir. Laut Artikel 148 vum Chambersreglement gëtt de Commissaire aux comptes fir dräi Joer genannt a seng Nominatioun kann och erneiert ginn. Den Artikel 146 vum Reglement gesäit vir, dass dës Nominatioun duerch eng absolut Majoritéit erfollegt.

Well mer just ee Kandidat fir de Poste virleien hunn, kënnen mer de Vote elektronesch maachen. De Vote par procuration, wëll ech lech soen, ass net erlaabt.

Vote secret sur la candidature unique

An ech géif dann de Vote lancéieren.

Huet jiddweree vun lech ofgestëmmt?

(Interruption)

Wat gelift?

(Interruption)

Mir hunn eng Kandidatur an de Vote ass elektronesch ofgeséichert. An en ass nach amgaangen.

Voilà, de Vote ass eriwwer. A mir hunn 51 Stëmme fir den Här Patrick Wies.

Résultat du vote secret sur la candidature unique: M. Patrick Wies a été élu par 51 voix contre 1.

Domat ass déi Majoritéit, déi gefrot ass, large-ment gefuerdert. An ech mengen, d'Fro vun der Madame Mergen war esou ze interpretéieren, dass een net gesäit, wéi wien ofgestëmmt huet. Dat ass geséichert. Dir gesitt dat och beim Bulletin, deen un d'Fraktiounen verdeelt gëtt. Dee gesäit esou aus, zimlech wäiss.

► **M. Claude Haag** (LSAP).- Ech erkennen näischt.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, esou soll dat och sinn, Här Haag.

Voilà, domat ass den Här Patrick Wies als Commissaire aux comptes designéiert.

A mer géifen zum leschte Punkt vun eise Ordre du jour iwwergoen, an zwar zur Orientéierungsdebatt iwwert d'Naturparken. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An den Auteur, deen d'Debatt gefrot huet, den Här Emile Eicher, huet elo direkt d'Wuert.

Kolleginnen, Kollegen, et ass e bësse vill Grommels am Sall. Dat mécht dem Rapporteur seng Aarbecht e bësse méi schwéier. Also wann ech gelift, kommt, mer respektéiere seng Aarbecht! Här Eicher, Dir hutt d'Wuert, a just Dir.

5. Débat d'orientation sur les parcs naturels

Exposé

► **M. Emile Eicher** (CSV).- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, et ass mir eng grouss Freed an och e grouss Uleies, am eegenen Numm, mä awer och am Numm vum Syvicol haut zum Thema Naturparken zu Lëtzebuerg Stellung ze bezieen.

Zéng Méint huet et gedauert, bis datt elo dës Orientéierungsdebatt zustane komm ass, mä an där Zäit goufen d'Études détaillées vum Naturpark Öewersauer a vum Naturpark Our fäerdeggestallt. Ausserdeem hu béid Naturparke sech och vergréissert. Esou ass Wolz zum Naturpark Öewersauer bäikomm, an am Naturpark Our ass dat d'Gemeng Wëntger. Der-niewent ass awer och den Naturpark Mëllerdall am Endspurt, fir offiziell gegrënnt ze ginn. Hei gesitt Der, datt d'Naturparkidde sech och an anere Regioneen ausgebreet huet.

Här President, ech wäert a mengen Ausféierung vum deem allgemengen Deel vum Fonctionnement a vun de vasten Aufgabe vun de Lëtzeburger Naturparke schwätzen. Mäi Frënd, de Marco Schank, wäert de Volet Environnement mat de Station-biologiques iwwerhuelen.